Question écrite n°2600 - Sujet : Droits du patient

Auteur(s) : Monsieur Gast Gibéryen, Député
Destinataire(s) : Madame Lydia Mutsch, Ministre de la Santé
Date limite de réponse à la question : 29-12-2016

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
29-11-2016	Dépôt de la question	Document écrit de la question
29-12-2016	Délai de réponse dépassé	
09-01-2017	Réponse écrite de Madame Lydia Mutsch, Ministre de la Santé	Document écrit de la réponse

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 NOV. 2016
2600

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. November 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nr. 2478 ass et mir an der Deelfro 3 net ëm e Patient ënner Tutelle gaangen (wéi an der Fro 4), mä ëm eng Situatioun, wou d'Ëmfeld vum Patient oder Fleegefall eng Verännerung vu sengem Wiesen, senger Perséinlechkeet oder senger Uspriechbarkeet feststellt an de Verdacht huet, datt dës Verännerungen op e medizineschen Traitement zeréckzeféiere sinn. Dat ass eppes, wat ee relativ dacks am Kontakt mat de Leit ze héiere kritt.

1. Wat fir Rechter a Méiglechkeeten huet d'Famill oder d'Ëmfeld vun engem Kranken oder engem Fleegefall am Kader vum Lëtzebuerger Patienteschutz, wa si gravéierend Perséinlechkeets- oder Verhalensännerunge feststellen, déi si op Medikamenter zeréckféieren? Dat besonnesch, wann déi Verännerungen dem Patient oder Fleegefall selwer net méi erlaben, bewosst ëm Informatiounen ze froen oder säin Averständnes fir deen Traitement zeréckzezéien?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 29 novembre 2016

Objet : Question parlementaire n° 2600 du 29.11.2016 de Monsieur le Député Gast Gibéryen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, bd F.D. Roosevelt
L-2450 LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 JAN. 2017

Luxembourg, le 9 janvier 2017

Réf. : 819x8d353

Concerne: Question parlementaire no 2600 du 29 novembre 2016 de Monsieur le député GIBERYEN concernant les droits du patient

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 2600 du 29 novembre 2016 de Monsieur le député Gast GIBERYEN concernant les droits des patients.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

La Ministre de la Santé,

Lydia MUTSCH

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-85505
Fax: (+352) 46 79 63

Adresse postale
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de la Ministre de la Santé
à la question parlementaire no 2600 de Monsieur le député Gast GIBERYEN
concernant les droits du patient

Wat fir Rechter a Méiglechkeeten huet t'Famill oder t'Ëmfeld vun engem Kranken oder engem Fleegefall am Kader vum Lëtzebuerger Patienteschutz, wa si gravéierend Perséinlechkeets- oder Verhalensstéierunge feststellen, déi si op Medikamenter zeréckféieren ? Dat besonnesch, wann déi Verännerungen dem Patient oder Fleegefall selwer net méi erlaben, bewosst ëm Informatiounen ze froen oder säin Averständnes fir deen Traitement zeréckzezéien?

Den Artikel 11 vum Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert t'Rechter an t'Flichte vum Patient, deckt de Fall of, wou e Patient net méi am Vollbesëtz vu senge geeschtege Fähegkeeten ass, oder net méi capabel ass, säi Wëllen ze manifestéieren.

Dësen Artikel gesäit fir, dass eng Vertrauenspersoun oder en Uspriechpartner ka genannt ginn, déi t'Interessen vum Patient an dem Fall vertrëtt, wou den Patient net méi am Vollbesëtz vu senge geeschtege Fähegkeeten ass fir selwer Entscheedungen zu senger Gesondheet ze treffen.

Dësen Artikel gesäit och fir, dass t'Fachpersonal all Behandlung am Interessie vum Patient hellt. Am Fall wou de Patient net méi capabel ass, säi Wëllen ze manifestéieren, proposéiert t'Fachpersonal entweder dem Patient déi Behandlung déi ubruecht ass an dem Patient säi Wëllen duerstellt, oder hëlt Kontakt mat der genannter Vertrauenspersoun, fir de Wëlle vum Patient erauszefannen.

Am Kader vun enger Drénglechkeet, huet t'Fachpersonal t'Recht all medezinesch Behandlung z'ënnerhuelen, déi am Interessie vum Patient sinn.

Am Fall wou e Patient also eng medezinesch Behandlung brauch an t'Famill oder t'Ëmfeld net méi sécher ass op de Patient am Vollbesetz vu senge Fähegkeeten ass, kann eng Vertrauenspersoun genannt ginn, déi am Fall wou eng medezinesch Entscheedung muss getraff ginn, déi Entscheedung fir de Patient an Ofsprooch mam Fachpersonal, hëlt.

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85505
Fax: (+352) 46 79 63
Adresse postale
L-2935 Luxembourg
ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

137-000001-20040525-FR